ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 18. November 2015

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend parlamentaresch Fro** (Art. 81) un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Paräis a seng Awunner sinn Opfer gi vu schlëmmen Terrorattacken. Och an eisen aneren Nopeschlänner lafen Aktiounen vun der Police an aner Sécherheetsorganer fir Terroristen ze stellen. Duerch eng Bommenattack ass e russesche Flieger iwwert dem Sinaï erof gefall.

Déi franséisch Autoritéite schwätzen oppen vu Krich, an hunn den Artikel 42-7 vum Traité vu Lissabon invoquéiert fir militäreschen Appui vun deenen anere Memberstaaten unzefuerderen. Wéinst konkreten Bedrohunge si Futtballlännermätscher ofgesot ginn a Fligeren hu missen noutlanden.

Dowéinst wéilt ech der Regierung dës Froe stellen:

1. *Wéi eng zousätzlech Sécherheetsmoossnamen huet d'Regierung no den Attacke vum 13. November geholl?*
2. *Hunn d'Police an d'Douane an der aktueller Situatioun déi néideg Mëttele fir am Land géint den Terrorismus virzegoen ?*
3. *Huet de Service de Renseignement an der aktueller Situatioun déi néideg Mëttele fir géint den Terrorismus virzegoen ?*
4. *Denkt d'Regierung, datt den aktuelle Gesetzprojet iwwer d'Reform vum "Service de Renseignement" nach eemol misst iwwerschafft gi fir dem Geheimdéngscht méi Personal a méi Handlungsméiglechkeeten ze ginn?*
5. *Wëll d'Regierung der Chamber proposéieren, fir der Police méi Pouvoiren ze ginn, zum Beispill bei der Kontroll vu Persounen, vun Autoen oder vu Pabeieren? Wa jo, kann dat kuerzfristeg geschéien?*

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten